

adr-

Nee Nee Nee

All Bei
wielt an hirem
eegene
Stack!



... seet de Picky, den neien
ADR-Maskottchen

Demokratiedefizit? Nee!

Ass Lëtzebuerg eng Diktatur? Vum Staatsminister gëtt d'Land mat arabischen Onrechtsregimer verglach, well d'Ausländer net fir d'Chamber kënne wielen. Tatsaach ass, dass bal iwwerall op der Welt dat Recht fir bei nationale Wale matzestëmme just déi Leit mat der Nationalitéit vum Land, an dem gewielt gëtt, hunn. Ausser a rare Länner mat kolonialem Hannergrond. D'Walflicht zu Lëtzebuerg garantéiert d'Legitimitéit vun de gewielte Politiker. Déi ass hei méi héich, wéi a Länner, wou bal d'Halschent vun de Leit net wile geet, well se keng Loscht hunn. All Ausländer deen hei zu Lëtzebuerg wunnt, dierf bei de Sozial- a Gemengewale wielen a sech wile loossen. Hie ka souguer Buergermeeschter oder Schäfte ginn,

eng weltwäit Raritéit! Hien dierf, wann en EU-Europäer ass, bei Europawale matwilen. An hie kann no 7 Joer am Land Lëtzebuurger ginn, ouni seng éischt Nationalitéit opzeginn, a kritt domat och all politesch Rechter. All Ausländer huet och e Wahlrecht fir säin eegent nationaalt Parlament. Mir sinn also net an enger Situatioun, wou en Deel vun der Bevëlkerung kee Wahlrecht hätt – anescht wéi 1919, wou d'Fraen alleguer awer och all déi Männer, déi keng Steiere bezuelen hunn, iwwerhaupt kee Wahlrecht haten. D'Regierung wëll den Ausländer hei am Land e Matsproocherecht ginn, ouni dass si och nëmme ee Wuert Lëtzebuergesch kënne! Wéi eng Konsequenzen huet dat fir eist Land a seng Sprooch?



Goulнора SOULTANOVA
Chargée de
Cours fir Piano
Aus Usbekistan

„Mäi Kand ass hei gebuer an an der Schoul gëtt Lëtzebuergesch geschwat. Et loung fir mech op der Hand, dass d'Kand domat zweesproocheg erzu gi soll. Och op der Aarbecht hu mir eng gemeinsam Sprooch: d'Lëtzebuergesch. Wéi ech d'Konditiounen erfëllt hunn, hunn ech d'Lëtzebuurger Nationalitéit ugeholl. Dëst sécher aus professionelle Grënn, mä awer och well d'Nationalitéit an d'Sprooch mir ganz nei Horizonter opgemaach hunn. Ech dierf zu Lëtzebuerg wielen a gewielt ginn, an hu mech an der ADR engagéiert.“

D'ADR informéiert: all ons Versammlunge fänken um 19.30 Auer un.

26. Mee - Houschter-Déckt
Café-Restaurant Koeppé Jemp
59, Hauptstrooss

1. Juni - Schwéidsbeng
Augustinushaus
Route du Vin

2. Juni - Harel
Café „Beim Jeanne“
31, rue Mgr. Fallize

4. Juni - Mäerzeg
Café Staminee (Ribeiro)
24, rue Principale

29. Mee - Klengbetten
Restaurant „de Bräiläffel“
12, rue de la Gare

2. Juni - Beidler
Veräinsbau „al Schoul“
Rue de l'Eglise

3. Juni - Diddeleng
Taverne Mont-Saint-Jean
1, place Gymnich

4. Juni - Conter
Conterstuff
2, rue de la Mairie